



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Energie, un den Här Minister fir Mëttelstand, ewéi un den Här Wirtschaftsminister weider ze leeden.

Aus der Frankfurter Allgemeine Sonntagszeitung vum 16. Januar 2022 geet ervir, datt ee Problem beim Realiséieren vun den Klimaziler an Däitschland d'Iwwerlaaschtung vum Bausecteur wier.

Wéi vum Här Minister fir Energie annoncéiert ass d'Regierungszil, innerhalb vun den nächsten 8 Joer e grouss Schrëtt a Richtung Elektrifizéierung an Dekarboniséierung ze maachen. Am Kloertext: Et gëtt vill ze dinn vir eise Bausecteur, an spezifesch vir eis qualifizéiert Aarbechtskraaft (e.a. Techniker, Ingenieuren, Handwierker).

Vir esou eng «Rénovation énergétique» ëmzesetzen, a vir dass Lëtzebuerg och weiderhin a Saachen Energieeffizienz un der Spëtzt bléift, brauch een genuch ausgebildeten Aarbechtskraaft, sou heescht et och aus engem Artikel am Luxemburger Wort vum 26. Mee 2021.

Ewéi et och an engem Artikel am d'Lëtzebuerger Land vum 30. Juli 2021 heescht : *«il faudra rénover une bonne partie du parc immobilier existant pour atteindre les 64 pour cent [de réduction d'émissions CO2] visés d'ici 2030.»*

An dësem Kontext wéilt ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung mir matdeelen op Lëtzebuerg un ausreechender qualifizierter Aarbechtskraaft disposéiert vir den Energiewandel, sief et beim Ausbau vun de Photovoltaikanlagen oder bei der energetescher Renovatioun/Sanéierung vu Gebaier, an den nächsten Joer ëmzesetzen ?
- Falls net, huet d'Regierung schonn e Plang wéi se dësem Manktem un ausgebildeten Handwierker entgéintsteiert ?

Här President, ech bieden lech main déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz
Deputéierten



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mëttelstand, Lex Delles, dem Minister fir Energie, Claude Turmes, dem Minister fir Aarbecht, Georges Engel, an dem Minister fir Educatioun, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n° 5541 vum 21 Januar 2022 vum éierbaren Deputéierten Marc Spautz.

Generell kann ee soen, dat duerch d'energetesch Transitioun vill nai Arbechtsprofiler an Arbechtsplätzen zu Lëtzebuerg entstinn: Laut der Note de conjoncture 2/2021 vum Statec schaffen alleng am Energiesecteur am Moment ronn 1800 Salariés, zanter 2015 ass d'Zuel em ronn e Véirel geklommen. De Sektour haett och laut Statec an der Kris gutt resistéiert an de Wuesstum betrefft virun allem d'Beraicher „Produktioun an Distributioun vu Stroum a Wärm“ an net de Gassektor, wat géing weisen, dat d'energetesch Transitioun am Gaang ass.

Mat sengen iwwer 8.000 Betriber ass a bleift d'Handwierk een dynamesche Sektour mat nohaltegen Aarbechtsplätzen, deen an der energetescher Transitioun eng wichteg Roll spillt. Allerdéngs ass d'Problematik vun engem Manktem u qualifizéierte Mataarbechter ee Phenomen mat deem d'Handwierk schonn zanter längerem confrontéiert ass. Dëst geet och kloer aus verschiddenen Enquête ervir, beispillsweis aus der Enquête « Besoin en main d'oeuvre dans l'Artisanat » vun der Chambre des Métiers vun November 2019.

E weidert Beispill heivir sinn déi 7 “Etudes sectorielles” vun der ADEM (cf. <https://adem.lu/etudes-sectorielles>). Dorënner ass eng Etude iwwer de Bausektor, déi an Zesummenaarbecht mat der Fédération des artisans, dem Institut de Formation Sectoriel du Bâtiment (IFSB) an dem Centre de compétences Génie Technique / Parachèvement (GTB/PAR) ausgeschafft gouf.

Aus der Etude geet ervir, dass d'Upassung un déi nei Normen am Domaine vun der Energieeffizienz an den erneierbaren Energien eng Chance an effektiv och eng Erausforderung ass, an dass een an dësem Zesummenhang och Personal brauch, mat ganz diversen Qualifikatiounen.

Et ass awer net méiglech dësen Besoin an Zuelen auszedrécken an ze soen ob genuch Leit zur Verfügung stinn. De Bausektor huet am Moment awer relativ vill Schwierigkeeten fir Personal ze rekrutéieren an de Mangel un Aarbechtskräften ass ee gréissere Probleem fir d'Betriiber aus dem Sektour. D'Salariéen am Sektour sinn relativ aal, am Verglach zu aneren Sektoren, an et ass wichteschwéier fir déi méi jonk Generatiounen sech fir dës Aarbechten ze begeeschten. D'Ufuerderungen un d'Leit ginn an Richtung vun méi Polyvalenz an och méi Qualifikatiounen, well d'Aarbechten méi komplizéiert ginn. De Bausektor ass och an der Konkurrenz mam ëffentlechen Sektour, wann et ëm qualifizéiert Aarbechtskräften geet. De Sektour hänkt ganz staark vun Grenzgänger an vun auslänneschen Résidenten of.

Déi initial Berufsausbildung, d'Weiderbildung hunn hei ganz sécher eng wichteg Roll ze spillen. D'Rekonverssioun an d'Aktivéierung vun Chômeuren kann dem Bausektor ze gutt kommen an hëllef fir qualifizéiert Personal ze fannen. D'ADEM bitt an deem Sënn Ausbildungen un, an Zesummenaarbecht mam IFSB, dem GTB/PAR mee awer och dem Centre National de Formation Professionnelle Continue (CNFPC).

An de leschten 3 Joer (2019-2021) hunn 257 Chômeuren un dësen Formatiounen vun der ADEM deel geholl. Dës Formatiounen betreffen eng ganz Rëtsch vu Beruffer a Profiller déi am Bausektor gebraucht ginn.



Demandedeurs d'emploi ayant participé à une formation dans le domaine de la construction :

	2019	2020	2021	Total
Conducteur d'engins	9	14	20	43
Démolisseur	28	9		37
Aide-chauffage/sanitaire	22		8	30
Maçon-coffreur	23			23
Plaquiste	21			21
Aide-chantier parachèvement	14			14
Grutier	3	3	8	14
Aide-chantier électricien	13			13
Façadier	5		6	11
Aide-assembleur ouvrage bois			8	8
Aide-plâtrier			8	8
Bancheur			8	8
Aide-peintre			8	8
Etancheur			7	7
Aide-maçon			6	6
Monteur d'échafaudage		5		5
Chapiste	1			1
Total	139	31	87	257

En änhlecht Bild ergëtt sech wann een d'Beruffsausbildung ("Apprentissage") kuckt. Zanter Joren muss d'Beruffsberodung vun der ADEM feststellen, dass konsequent eng gewëssen Zuel vun Ausbildungsplazen, déi vun de Betriber aus dem Bausecteur deklariéiert ginn, nët kënnen besat ginn (cf. Tabell ënnen drënner).

Dës Tatsaach ass doduerch ze erklären, dass déi jonk an och déi erwuessen Kandidaten, déi eng Léierplaz sichen, d'Ausbildungsberuffer wéi de Carreleur, Charpentier, Couvreur, Ferblantier-



zingueur, Maçon, Parqueteur et Plafonneur-façadier an hierer Perceptioun als nët attraktiv genuch astufen an déi sozial Unerkennung vun dëse Beruffer an eiser Gesellschaft vermessen.

Dobäi kënn nach zousätzlech eng Zort Informatiounsmangel bei munche Jonken an Erwuessenen, deen dofir verantwortlech ass, dass se nët déi néideg Kenntnisser iwwert d'Inhalter vun eenzelnen Ausbildungsberuffer hunn. Déi spezifesch berufflech Tätigkeeten, d'Ufuerderungen an och déi verlaangte Schlüsselkompetenzen an deene verschiddene Beruffer sinn den Zilgruppe nët bekannt, sou dass verschidde Beruffer an hierem Orientatiouns- oder an hierem Beruffsentscheidungsprozess guer nët a Considératioun gezu ginn, well entweder déi Jonk an och déi Erwuessen se guer nët kennegeléiert hunn oder ganz einfach falsch Virstellungen vun engem Beruff hunn oder entwéckelt hunn.

Genau hei intervenéiert iwwert all déi lescht Joren d'Beruffsberodung vun der ADEM andeems d'Beruffsberoder hier Klienten an de Berodungsgespräicher oder via Kollektivveranstaltungen dorobber opmierksam maachen, wéi eng Beruffer ët am Konstruktionswiese gëtt, wéi vielfälteg déi berufflech Tätigkeeten am eenzelne Beruff sinn a wou d'Ziel vun de Konkurrenten éischter iwwerschaubar ass, respektiv deelweis inexistent ass, vu dass keen Interessent fir verschidden Ausbildungsberuffer ze begeeschten ass.

	Onbesaate Léierplazofferen	Léiervertragsoschlëss
carreleur		
2021	7	20
2020	7	14
2019	7	14
charpentier		
2021	3	14
2020	6	14
2019	6	7
couvreur		
2021	18	22
2020	22	15
2019	16	21
ferblantier		
2021	7	2
2020	7	2



2019	3	10
maçon		
2021	12	27
2020	10	22
2019	13	21
parqueteur		
2021	5	6
2020	1	5
2019	2	3
plafonneur		
2021	7	6
2020	3	3
2019	6	3

A priori wäert d'Ëmsetze vun ambitiëse Klimaziler deemno ënner anerem duerch d'Nécessitéit vun energetesche Sanéierung vum Albauten de Bedarf u qualifizéierte Mataarbechter am Handwierk och an noer Zukunft zousätzlech fërderen. D'Regierung ass sech dëser Erausforderung bewosst an den Energieministère wäert zesumme mat der Mëttelstandsdirektioun an deenen nächste Méint heiriwwer Diskussiounen mam Secteur féieren. Generell geet d'Regierung deen dach komplexe Challenge vum Besoin vu qualifizéierte Mataarbechter am Handwierk op méi Niveaue un : sief et zum Beispill um Niveau vun der Formatioun initiale, der formation continue, souwéi mat der Ënnerstëtzung vu Promotiounscampagne fir d'Valorisatioun vun den Handwierksberuffer.

Lëtzebuerg, den 21/02/2022

Den Minister fir Mëttelstand

(s.) Lex Delles